

TENNIS CLUB MERSCH

65

J O E R
TC MIERSCH

1959 - 2024

- 1959 Grënnung vum Veräin am Café Klein zu Miersch de 16.05.1959
ënnert dem President Folscheid Emile.
- Provisoresche Bäitrëtt an d'FLT den 18.11.1959.
- Mat just engem privaten Tennisterrain deemools konnt de Veräin
um Championnat deelhuele.
- 1964 Éischt AG vun der FLT zu Miersch.
- 1965 Ee schwaarzt Joer fir de Veräin, dee kuerz virdru war, opgeléist
ze ginn, well keen Terrain méi zur Verfügung stoung. All Aktivitéite
goufe provisoiresch gestoppt.
- 1972 Op Initiativ vum Lamesch Ed an dem Glod Norbert gouf decidéiert,
dem Veräin nees neit Liewen ze schenken; dëst well zu deem Zäit-
punkt an der Rue des Prés d'Sportshal ageweit gouf an den Tennis
nees praktizéiert konnt ginn.
- 1973 Op der AG vum Veräi woren eng 100 Persoune present an de
Graas Ernest gouf als President gewielt. An deem Joer wor de Ver-
äin dann och nees mat Ekippen am Championnat vertrueden. Op
eegene Felder am Fräie konnt awer nach net gespillt ginn, sou
dass um Site vum INS gekämpft ginn ass.
- 1974 Den 18.06.1974 hunn dann ons Gemengepappen decidéiert, 3 Fel-
der ze bauen; dëst hannert der Sportshal genannt „Hinter Schlas-
spesch“. Duerch de Bau vun de Felder ass de Veräin dann op der
AG vun der FLT de 24.03.1975 definitiv opgeholll ginn.
- 1976 De Bau vun de Felder wor ofgeschloss an ënnert dem President
Schumacher Marc konnt déi festlech Aweigung stattfannen.

- 1979 Et gouf decidéiert, ee Clubhouse mat deem néidege Sanitaire ze bauen.
- 1980 Den 2.05.1980, mat der immenser Hëllef vun de Memberen an dem Comité, hunn déi eenzel Aarbechte vum Bau ugefaangen.
- 1981 Den 19.09.1981 wor et da souwäit an dat neit Clubhouse konnt ageweit ginn. Am selwechte Joer konnten déi Mierscher Hären an déi éischt Divisioun klammen.
- 1982 D'Clubhouse wor dann och reegelméisseg op, dëst ënnert der Leitung vum Evelyne a Jean-Jacques, och genannt JJ.
- 1983 Nom Lausch Ed ass dunn de Larbière Jean President ginn an de Comité gouf ëm 5 Memberen erweidert.
- 1987 Déi éischt international Schrëtt goufe gewot, dëst mat 16 Jugendspieler, déi un engem Turnéier an Holland deelgeholl hunn.
- 1988 No der Wal vum neie President, dem Feller Jean-Marie, an der Propos, eng Tennishal ze bauen, déi awer net approvéeiert gouf, wor et éischer ee rouegt Joer.
- 1990 Grouss Ouverture vum „Terrain Pétanque“, dee vum Perrard Jos nieft dem Clubhouse installéiert gouf. Des Weidere koum déi éischt Bewässerungsanlag op de Felder an den Asaz.
- 1991 Den Exploitant am Clubhouse huet gewiesselt an et wor lo um Marise, fir de Comptoir ze garantéieren.

- 1992 Et goufe sech vill Gedanken driwwer gemaach, deen éischten offiziellen Training zu Miersch unzebidden. Mat der néideger Nofro konnt dëst dunn 1994 realiséiert ginn.
- 1996 Nom trauregen Doud vum Feller Jean-Marie ass de Bucari Jos neie President vum Veräi ginn.
- 1996 Elo wor et um Toussaint Adrien, d'Presidence vum Veräin ze iwwerhuelen. Hie konnt eng sëllegen Erfolleger bei der Jugend grad wéi bei den Erwuessene feieren. De Veräin ass immens séier gewuess an huet et bis an déi héchsten Divisioun am Land bei den Häre gepackt. Déi éischt Minitenstrainer a Stagë goufe während de Vakanzen ugebueden. Et gouf ugefaangen, mat der Tennisschoul Jacoby zesummenzeschaffen an deen een oder aneren dotéierten Tournoi konnt zu Miersch stattfannen. De Veräin hat zu deem Zäitpunkt ee Maximum vun 250 Memberen.
- 2006 Nom Ofdanke vum Toussaint Adrien wor et un der Madamm Hübsch Edmée, de Veräin ze iwwerhuelen. Leider ass de Club dunn, wat de sportlechen Deel ubelaangt, net méi um selwechten Niveau weidergefouert ginn an och d'Trainingen hu staark ofgeholl. Vill Membere konnten net méi motivéiert ginn, ze bleiwen an hunn de Veräi verlooss.
- 2018 Renovatioun vun de Felder eent an zwee, déi duerch e syntheetischen Tapis ersat goufen.
- 2021 Am Februar huet d'Reprise vum Mierscher Tennisveräi mat engem neie Comité, ënnert dem Duo Tom Klein (President) a Karel Achten (Vize-President) an Zesummenaarbecht mat Tennis Solution stattfonnt. De Veräin, deen a schlechter Verfaassung wor a just nach wéineg Membere gezielt huet, sollt nees no vir bruecht ginn. Duerch déi immens Nofro hu mer dann och séier eng 30 Stonnen Training zesummekritt. Sou hate mer fir de Wanter natierlech de

Besoin fir eng Traglufthalle. Duerch déi super Kollaboratioun mat der Mierscher Gemeng an ee Virfinanzement wor et dunn am Oktober 2021 souwäit. Ons Traglufthalle iwwert zwee Felder konnt installéiert ginn an den Training iwwert d'Wanterméint wor garantiert. De Veräin selwer bezillt an eenzelnen Tranchen de Chiffer vun der Bulle un d'Gemeng zeréck.

2022 Ëmmer méi Leit hunn de Wee bei ons fonnt a mir konnten iwwer 200 Membere bei ons registréieren. Den Training huet zougeholl an et wore schonn zwee Traineren am Asaz. Déi éischt Ekippe konnten no laanger Zäit nees um Championnat deelhuelen.

2023 Am Januar 2023 gouf dann decidéiert, dass mir ons dem Clubhouse unhuelen an no onser éischter Renovatioun 2021 gouf dunn déi nächst Etapp gestart; dëst mam neie Comptoir an enger neier Kichen. Vill Manpower wor gefrot, mee duerch de staarken Asaz vum Comité a de Membere wore mir prett a konnten nees mat sellegen Ekippen an de Championnat starten. Direkt gouf et bei den Hären een 1. Titel, dëst no iwwer 20 Joer, a bei den Hären & Dammen Ü35 e Vize-Champion. Och wat den Training ubelaangt, hu mer misste mat engem drëtten Trainer opstocken, well mir eng Ronn 70 Trainingsstonnen haten (Tendenz steigend). Fir an Zukunft weiderzewuessen, gouf et déi eng oder aner Changementer, och am Comité, wou een Directeur sportif definéiert gouf. Dat ganz Joer iwwer goufen iwwer 1850 Stonnen op onse Felder reservéiert, dëst zousätzlech zum Training. Fir dass och zu spéider Stonn gespilt ka ginn, huet de Veräin an LED-Luuchten investéiert, dëst fir e Chiffer vu +/- 22.000€.

2023 Mir feieren ons 65 Joer a wäerten 2024 nach ganz vill Freed zu Miersch um Tennis hunn. Iwwert 300 Membere kënnen mer ziele souwéi iwwer 400 Persounen, déi ons Plattform notzen, fir kënnen Tennis op onse Felder ze spillen. Eng ronn 190 Persounen, dorënner 116 Kanner/Jugendlecher, huelen aktiv um Training deel an eng 35 Sponsoren ënnerstëtzen de Veräin.

Impressum Nr. 1 – Avril/Mai 2024 (500 pièces)


Cover : Frisch Oli

Editeur responsable : Tennis Club Mersch

Photos : Tennis Club Mersch – Divers membres

Distribution : aux membres et sponsors du club

Impression et Layout : MEDIABOX



D'WUERT VUM PRESIDENT, DEM TOM KLEIN:



Léif Tennisfrënn,
de 16.05.1959 gouf den Tennis Club Mersch an d'Liewe geruff, iwwer d'Jore mat villen Héichten an Déiften. Am Februar 2021 wor et mer eng Eier, awer och eng Erausfuerderung mat der aktueller Ekippen vum Comité dëse Veräin ze iwwerhuelen. E Veräin, deen e grouss Potenzial hat zu deem Moment, awer net do stoung, wou en hätt stoe kënnen. Schnell gouf ons kloer, dass mir de Veräin mat der Hëllef vun Tennis Solution nees op Vordermann brénge missten. Dëst ass ons och gelonge mat aktuell bal 80 Stonnen Training fir Grouss a Kleng, knapp 350 Memberen a 4 Trainieren. Mat onser immens heemeleger Anlag, wou mer aktuell 3 Felder am Summer an eng Tragfluthalle iwwer 2 Felder am Wanter hunn, stoussen och mir un ons Grenzen. De Veräin gëtt ëmmer méi grouss, a mir sinn op 2 weider

Felder ugewise souwéi op eng weider Iwwerdeckungsméiglechkeet fir de Wanter. En Vue ass jo och een neie Site fir de Veräin. Hei kënnen mir mat der aktueller Planung allerdéngs net zefridde sinn. Zu onsen Aufgabe gehéiert nämlech och, de Memberen an 10 Joer eng ideal Tennisanlag bidden ze kënnen. Et sief och gewosst, dass den Tennis e Sport ass, an deem een als Member zu all Moment sengem Hobby nogoe soll kënnen, andeems engem een Terrain zur Verfügung steet. E weidert Zil ass et, ons Pyramid vun der Jugend, ugefaang mam Krabbelgrupp (3 Joer), nach méi ze festegen a sou an de sëllegen Alterskategorien ons Jugendspieler opzebauen. Dëst ass awer nëmme méiglech, wa mer déi richteg Infrastruktur hunn an d'Zukunft vun onsem Veräin net ausgebremst gëtt. E grouss Merci geet natierlech u meng Ekippen, Tennis Solution, ënnert der Leedung vum Bleses Thomas, ons Sponsoren an d'Mierscher Gemeng. Ouni déi ganz Ënnerstëtzung wier dëst alles net méiglech. Eng sëllege Feierlechkeete wäerten iwwer d'Joer verdeelt stattfannen a mir freeën ons op déi kommend Joren um Mierscher Tennis. Falls och du Member wëlls ginn oder eng Hand mat upake wëlls, da mell dech einfach bei ons. Mir brauchen dech an de Benevolat.

D'WUERT VUM ÉIEREPRESIDENT, DEM DR. TOUSSAINT ADRIEN:




18 Joer méi spéit géif ech gärén op meng 10 als President vum TCM zeréckblécken. Verschidden Detailer aus der Zäit, déi hannert eis läit, sinn aus eiser Erënnerung verschwonnen, mee déi grouss Linne bleiwe present an iergendwéi deet et gutt, heiansdo d'Erfolleger vu Fréier opzefrëschen. De strukturellen Opbau iwwer d'Jugendförderung an de Kompetitiounssport hunn et dem TCM erlaabt, op héchstem Niveau matzespillen a sech iwwer zwee Joer mat professionnelle Spiller vun anere Veräiner moossen ze kënnen. Dat mat Succès: Mir konnten eis zwee Joer laang an der ieweschter Divisioun halen.

Wéi kéinte mer déi vill Feierlechkeete vergiessen, déi deemools vum R. Beelemer an dem Fiat-Grupp gesponsert goufen an déi eis et erméiglecht hunn, international unerkannte Kënschtler ze invitéieren. Ausserdeem konnten zesumme mat der Federatioun Jugend- a Seniortournoiën organiséiert ginn.


Ech soen de Spiller an de Comitésmembere vum Veräin e grouse Merci gradewéi der Gemeng an de ville Sponsoren. Och meng Fra Petra wëll ech hei ernimmen, déi onzieleg Stonne fir de Veräi geleeest huet, an de Wolfgang Nies, deen ëmmer gutt Rotschléi parat hat.

Et freet mech immens, datt ënnert der Leedung vum aktuelle President, dem Tom Klein, a senger Ekip d'Relance gelongen ass, duerch déi den TCM an der Sportswelt vun eiser Gemeng besonnesch ervirstiecht.

Ech wënschen iech weiderhi vill Erfolleg.



D'WUERT VUM BUEGERMEESCHTER, DEM MALHERBE MICHEL:



Léif Tennisfrënn,

et ass mer eng besonnesch Freed, dem Tennis Club Miersch, am Numm vun der Gemeng Miersch a hiren Awunner, fir säi 65-järegt Bestoen ze gratuléieren. Säit senger Grënnung huet den Tennisclub e wichtege Bäitrag zum sportlechen a gesellschaftleche Liewen an eiser Gemeng geleeest.

De Club ass net nëmmen eng Plaz fir sportlech Renconteren, mee e Lien tëscht Generatiounen a Kulturen. Nieft de sportlechen Erfolleger dierfe mer net vergiessen, datt, dank der gemeinsamer Leidenschaft fir den Tennissport, och Frëndschaften an eng staark Gemeinschaft beienneefonnt hunn.

Doriwwer eraus bitt den Tennis Club Miersch sportbegeescherte Kanner an Ëmfeld, an deem si hir sportlech Talenter entfale kënnen a gläichzäiteg zu verantwortungs- a respektvolle Mënschen eruwuesse kënnen. Duerch d'Erléiere vun Tennistechnike ginn ausserdeem net just déi motoresch Fäegkeete gestärkt; och Konzentratioun, Disziplin an den Ekippegeescht gi gefërdert.

Ech soen alle Memberen, Benevollen a Responsabele vum Tennisclub e grouse Merci. Hiren Engagement an Asaz hunn de Veräin iwwer Joerzëngten zu deem gemaach, wat en haut ass: eng Plaz, wou Fairplay an e gesonde kompetitive Geescht grouss geschriwwe ginn.

Loosst eis op eisen Tennisclub ustoussen: datt e weiderhin eng erfollegräich Plattform bitt fir d'Fërderung vun der nächster Generatioun vu sportlechen Talenter a charakterstaarke Perséinlechkeeten.

D'WUERT VUM SCHÄFFEN (VOLET SPORT), DEM HÄR REILAND MICHEL:



Léif Tennisfrënn,

als Sportschäfte vun eiser Gemeng an als Sportbegeescherte souwisou, ass et mir eng grouss Freed an Éier, lech all fir de 65. Gebuertsdag ze gratuléieren.

lech, déi Dir fréier den Tennisveräin gegrënnt an opgebaut hutt, dann all deenen, déi d'Re-lève geholl hunn a virugefuer sinn an zum Schluss deene ville fräiwëllegen a sportlechen Tennisbegeescherten, déi elo an der Wises-trooss hirem Sport noginn, sief gratuléiert a Merci gesot!

Dëst war eng beandrockend Leeschtung an déi sollt Dir alleguer uerdentlech feieren.

Äre Veräi spillt eng wichteg Roll am Liewe vu ville klengen a grouse Matbierger, dëst esouwuel um sportleche wéi och op sozialem Plang.

Ech wënschen lech dofir dann och, dass Äre Veräin an de nächste Joren dee selwechten Erfolleg huet an Äre Membere genau esouvill Spaass a Freed mécht wéi bis elo.

D'GRËNNUNG VUM VERÄIN 1959 MAT DER
APPROBATIOUN VUN DER GEMENG:

TENNIS CLUB

M E R S C H

Association sans but
lucratif

S T A T U T S

Entre les soussignés et tous ceux qui adhéreront par la suite aux présents statuts et dont la demande d'admission sera acceptée par le Comité, il est formé une association sans but lucratif dans le sens de la loi du 21 avril 1928, sous la dénomination "TENNIS CLUB MERSCH" (T.C.M.).

I. Objet, durée, siège.

Art. 1. L'association a pour but:

- a) la pratique, l'enseignement et la propagation du sport du tennis;
- b) l'encouragement et l'entretien de rapports amicaux entre les membres du club, ainsi qu'avec les autres sociétés locales et les clubs de tennis du Grand-Duché et de l'étranger;
- c) l'organisation de compétitions nationales et internationales.

Art. 2. La durée de l'association est illimitée.

Art. 3. Son siège est fixé dans la localité de Mersch.

II. Membres, Conditions d'admission et d'exclusion.

Art. 4. Le Club comprend des membres actifs et inactifs, dont le nombre est illimité, sans toutefois pouvoir être inférieur à six, ainsi que des membres honoraires. L'adhésion n'entraîne pas d'engagement, mais s'il précède une déclaration de son père ou tuteur, constatant le consentement de ce dernier.

Art. 5. Pour être admis comme membre, il faut :

- a) être âgé de 15 ans révolus;
- b) adhérer aux statuts et règlements du Club;
- c) être admis par le Comité, sur demande écrite ou verbale à adresser au président.

Art. 6. L'exclusion d'un membre quelconque peut être prononcée par décision du Comité pour l'un des motifs suivants :

- a) préjudice causé volontairement aux intérêts du Club, insubordination et agitation;
- b) conduite notoirement scandaleuse et tout acte contraire à l'honneur;
- c) condamnation déshonorante;
- d) non-paiement de la cotisation dans les trois mois de l'échéance.

III. Administration.

Art. 7. Le Club est administré par un comité de 7 membres élus au vote secret pour la durée d'un an par l'assemblée générale ordinaire et rééligibles. Les membres du Comité choisissent entre eux un président, un

vice-président et un secrétaire-trésorier.

Art. 8. Le Comité a les pouvoirs les plus étendus pour la gestion du Club. Tout ce qui n'est pas réservé expressément par la loi ou les statuts à l'assemblée générale est du domaine du Comité.

Art. 9. Le Comité décide à la majorité des voix, en cas d'égalité, la voix du président est prépondérante.

IV. Assemblée générale.

Art. 10. L'assemblée générale ordinaire a lieu chaque année au courant du mois d'avril.

Art. 11. Elle s'occupera notamment :

- a) de l'élection du Comité et des réviseurs de comptes;
- b) de la fixation des cotisations pour le nouvel exercice, le taux minimum en est fixé à 200 francs.

Art. 12. Une assemblée générale doit être convoquée en cas de modification des statuts et dans tous les cas prévus par la loi.

Art. 13. Les décisions de l'assemblée générale sont prises à la majorité absolue des voix; en cas de parité, la voix du président est décisive.

V. Dispositions générales.

Art. 14. L'année sociale commence le 15 avril pour finir le 14 avril de l'année suivante.

Art. 15. Le Club décline toute responsabilité pouvant surgir du fait d'un accident ou de tous autres faits perpétrés par ses membres.

Art. 16. Comme le terrain de jeu est actuellement propriété privée, un règlement

spécial déterminera les règles de conduite et les obligations particulières découlant de cette situation pour les membres; ce règlement est de stricte observance.

VI. Dissolution.

Art. 17. Le Club ne peut se dissoudre tant qu'il compte au moins six membres actifs. L'assemblée générale extraordinaire peut toutefois prononcer la dissolution dans les conditions prévues par la loi. En cas de dissolution, le fonds social du Club reviendra au bureau de bienfaisance de la Commune de Mersch.

Art. 18. Tous les cas non-prévus par la loi, par les statuts ou les règlements sont tranchés par le Comité.

* * * * *

Vu et approuvé

Mersch, le 8 AOÛT 1959
Le Conseil communal

[Signature]
L. Colkach, Maire
[Signature]
[Signature]

DEN AKTUELLE COMITÉ VUM TENNIS CLUB MIERSCH MAM TRAINERSTAFF:

COMITÉ 2023 – 2024

Tom Klein – President (info@tcmersch.lu)

Karel Achten – Vize-President (info@tcmersch.lu)

Fränz Pires – Directeur sportif (directeursportif@tcmersch.lu)

Britta Achten – Tresorier

Gilles Elsen – Sekretariat (techn.)

Sandra Jovanovic – Sekretariat (adm.)

Catherine Schneiders – Facturation (facturation@tcmersch.lu)

Alain Wies – Facturation (facturation@tcmersch.lu)

Claude Scholtes – Responsabel Clubhouse & Tennisfelder

Jim Kops – Manifestatiounen & Vertrieder an der Mierscher Sportskommissioun

Chris Schagen – E-Tennis; Reservatiounen & Badges (info@tcmersch.lu)

Charel Weber – Marketing & Kommunikatioun

Sabine Kirchhoff – Memberen & Manifestatiounen

Mandy Klein & Henri Krier (Keesepräifer)

Fränz Pires; Tom Klein; Karel Achten; Britta Achten; Frank Mehlich
(Sportskommissioun)

STAFF – TRAINING BY TENNIS SOLUTION

Bleses Thomas – Patron Tennis Solution & Responsabel Elite-Training

Mehlich Frank – Cheftrainer TC Miersch (training@tcmersch.lu)

Rahns Thorben – Trainer

Salimovic Denis – Trainer

tomcar

drive your life.

agence immobilière
TOUSSAINT Abby
www.confiance.lu

BIOCLIM
STORES & PERGOLAS BIOCLIMATIQUES

AIRtec
TRAGLUFTHALLEN

Foyer

STEFFEN - ARENDT
Agence Principale d'Assurances
44, route de Luxembourg - L-4972 Dippach
Tél. : 26 37 04 79 - steffen-arendt@agencefoyer.lu

TotalEnergies

EIFFAGE
PERRARD

chapier
www.chapier.lu

prowin
international
By Joelle Scholtz



MOMA
schränkerei
KREATIV | QUALITÄT | CIP MOOSE

VITRERIE
de MERSCH

UVB
GALABAU

CHEZ BEN
Spécialités Asiatiques

TOITURES
ZANOTTI

La Passerelle

UVB
Universal-Bau

Boissons
Paul
MANTERNACH

Gulf

和
SAN HE

CARROSSERIE
ROEMEN
KEHLEN / LUXEMBOURG

brasseriesimon
Luxembourg's Craft Brewery

Flipperkeller

Fime.lu
Fiduciaire de Mersch

Inter Central
Boutique

Crèche
Villa Pan
- Mersch -

ROOM
Luxembourg


GARAGE
KREMER



TENNIS
SOLUTION

matériaux
adam
www.baumaterial.lu

Alen
Tuurm



ONSEN TRAINERSTAFF VUN TENNIS SOLUTION:

Bleses Thomas

Patron Tennis Solution
Responsabel Elite-Training



Mehlich Frank

Cheftrainer TC Miersch
(training@tcmersch.lu)



Rahns Thorben

Trainer




Salimovic Denis

Trainer



Tous les chemins mènent vers tomcar



9, Z.A.C. Klengbousbiert | L-7795 Bissen
T +352 26 88 73 95 | www.tomcar.lu

tomcar
drive your life.

D'BASIS AN DE START VUM TRAINING ASS ONS KRABELGRUPP. HEI ENG KUERZ ERKLÄRUNG VUM PATRON VUN TENNIS SOLUTION:

KRABELGRUPPE

Die **KRABELGRUPPE** des **TC MERSCH**, unter der Leitung von Frank Mehlich, richtet sich an Kinder zwischen 3-4 Jahren.

Mit dem **KONZEPT** von **TENNIS SOLUTION** erlernen die Kinder auf eine spielerische Art und Weise die Sportart Tennis.

Neben den ersten Erfahrungen mit dem Tennisschläger erhalten die Kinder einen kindgerechten Start ins Ballspielleben, indem sie sportspielübergreifende Basisfähigkeiten erlernen und weiterentwickeln.

Die fünf **BASISFÄHIGKEITEN** sind:



Diese fünf **BASISFÄHIGKEITEN** werden durch verschiedene Übungen geschult.

- Bälle werfen, fangen und prellen
- Koordinations- und Gleichgewichtsparcour
- Lauf- und Reaktionsspiele etc.

Diese motorischen und koordinativen Basisfähigkeiten sind Grundvoraussetzung, um das Tennisspiel erfolgreich erlernen zu können.

Unser **ANLIEGEN** ist es, den Kindern **SPASS** am **TENNISSPORT** und an der **BEWEGUNG** zu vermitteln.



STEFFEN - ARENDT

Agence Principale d'Assurances

44, route de Luxembourg - L-4972 Dippach
Tél. : 26 37 04 79 - steffen-arendt@agencefoyer.lu

MEDIA **BOX**

www.media-box.lu

Falls du auch Interesse hast, beim Tennis Club Miersch mitzuetrainieren, dann melde dich bei uns. Mir schafften ausserdem mit Fit Kanner Miersch, LA-SEP an der Villa Pantau zusammen, was mir die Kanner regelmässig gratis Stunden abgeben, für hinnen d'Fried um Tennis zu ermöglichen.



GANZJAHR TENNISKURS 2023-2024

Es freut uns, dass wir unseren Mitgliedern über die ganze Sommer- und Winteraison hin Tennisangebote anbieten können. Ab jetzt wird das Training ausschließlich von Jahr zu Jahr (1. Oktober bis 30. September) angeboten. Somit entfallen die ethischen Änderungen zwischen Sommer- und Winteraison. Es ist einfach das ganze Jahr über gleich, egal ob Sommer oder Winter. Gezahlt werden kann entweder 1x 100% (zum 10.09) oder 2x 50% (zum 10.09 & 10.03).



Der Gesamtpreis entspricht dem, was für Sommer-, Wintertraining & Arena zusammen zu zahlen gewesen wäre. Ab dem 1. August werden Trainingswünsche über training@tcmersch.lu entgegengenommen. Der Verein behält sich das Recht vor, Änderungen am Trainingsplan im Sinne der Trainingsgruppen vorzunehmen. Tennis Solution wird weiterhin unser kompetenter Partner sein. Wir freuen uns auf weitere, schöne Momente auf unserer Tennisanlage.

Kurs 60' / Woche mit einem ausgebildeten Trainer von TENNIS SOLUTION (1.10.23 – 30.09.24)

Keine Kurse während der Weihnachtsferien, Karnevalsfest, im August sowie an Feiertagen

Krabbelgruppe 3-5 Jahre	Mini-Tennis 4-6 Jahre	Tennisschule 6-17 Jahre	Tennis training 18-81 Jahre (max. 4 Pers.)
Schulung der Motorik Koordinativer Aufbau Laufschule – Orientierung im Raum Ballschule – Rückschlagspiele Spielerische Tennisbasiselemente	Level 1 Schulung der Motorik Koordinativer Aufbau Ballschule – Rückschlagspiele Spielerische Tennisbasiselemente Level 2 – Kleinfeld	U8 Kleinfeld & Mid-Court U10 Mid-Court & Großfeld U12 Großfeld U14 Jugendtraining U18 Erwachsenentraining	Vom Anfänger bis zum Turnierspieler, homogener Leistungsspektrum
390 €	390 €	600 €	690 €

Mitgliedschaft (15.04-14.04) separat zu bezahlen https://www.tcmersch.lu/s/Membership_2023_2024

Weitere Trainingsoptionen mit Preis pro Trainingsteilnehmer

Dauer	Auf Anfrage	Training 6-17 Jahre	Training 18-81 Jahre
60' / Woche	1 Spieler - individuell	2.140 €	2.470 €
60' / Woche	2 Spieler - Dyade	1.070 €	1.235 €
60' / Woche	3 Spieler - Dreiergruppe	713 €	823 €

-10% auf das 2. Training; -15% auf das 3. Training. Der persönliche Rabatt bezieht sich nur auf Gruppentraining!

Der Verein verfolgt das klare Ziel, die Kinder und Jugendlichen optimal zu fördern. Ziel ist es, dass jedes Kind nach der entsprechenden Lernphase bereit ist, offizielle Spiele für den Tennis Club Miersch zu bestreiten. Aus diesem Grund hatten wir im Sommer 2023 zum ersten Mal eine Spielergemeinschaft mit TC Nordstad. Somit konnten unsere U8 (Jungen & Mädchen gemischt), U10, U12, U14 & U18 wertvolle kompetitive Erfahrungssachen sammeln. Wir würden uns freuen, wenn alle Spieler:innen eine offizielle Lizenz hätten und unsere Vereinsfarben über die Ortsgrenze tragen würden. Melde dich hierfür bei deinem Trainer oder beim Vorstand des TCM. Wir bieten unseren Mitgliedern auch die Möglichkeit, ein Tennis-Outfit aus unserer [Club-Kollektion](#) zu kaufen.

Obligatorische Anmeldung für neue Mitglieder auf tcmersch.lu

Anmeldung Training exklusiv über training@tcmersch.lu

IBAN LU21 0019 6055
7339 5000 BCEE
TENNIS CLUB MIERSCH
TCM PLATZ &
ARENA - 19, rue des
Prés L-7561 Miersch



YEAR-ROUND TENNIS COURSE 2023-2024

We are pleased to be able to offer tennis courses to our members throughout the summer and winter seasons. From now on, training will only be offered from year to year (1 October to 30 September). This eliminates the many changes between the summer and winter seasons. It is simply the same all year round, no matter if summer or winter. You can pay either 1x 100% (by 10.09) or 2x 50% (by 10.09 & 10.03).



The total price is the same as what would have been paid for summer and winter (incl. arena fees) training together. As of 1st August, training requests will be accepted via training@tcmersch.lu. The club reserves the right to make changes to the training schedule to suit the training groups. Tennis Solution will continue to be our competent partner. We are looking forward to more beautiful moments on our tennis courts, indoor and outdoor.

Course 60' / week with a qualified coach from TENNIS SOLUTION (1.10.23 – 30.09.24)

No courses during the Christmas holidays, Carnival holidays, August and public holidays

Krabbelgruppe 3-4 years	Mini-Tennis 4-6 years (U6)	Tennis school 6-17 years	Tennis training from 18 years
Training of motor skills Coordinator development orientation in space Ball school - backstroke games Playful tennis elements	Level 1 Motor skills training Coordinator development Ball school - backstroke games Playful tennis elements Level 2 - small court	U8 small-court & mid-court U10 mid-court & large-court U12 large-court U14 Youth training U18 Adult training	From beginners to tournament players, homogeneous performance groups (max. 4 pers.)
390 €	390 €	600 €	690 €

Membership (15.04 – 14.04) to be paid separately https://www.tcmersch.lu/s/Membership_2023_2024

Other training options with price per participant

Duration	On request	Training 6-17 years	Training 18 years and older
60' / week	1 player - individual	2.140 €	2.470 €
60' / week	2 player - group	1.070 €	1.235 €
60' / week	3 player - group	713 €	823 €

-10% on 2nd lesson; -15% on 3rd lesson. The personal discount relates to group sessions only!

The club pursues the clear goal of promoting the children and young people in the best possible way. The aim is that every child is ready to play official matches for Tennis Club Miersch after the appropriate learning phase. For this reason, we had a players' association with TC Nordstad for the first time in summer 2023. Thus our U8 (boys & girls mixed), U10, U12, U14 & U18 could gain valuable competitive experience. We would be happy if all players had an official licence and would wear our club colours beyond the local border. Please contact your coach or the TCM board. We would be very happy if you would wear our club colours across the local border. We offer our members the possibility to buy a tennis outfit from our [Club Collection](#).

Mandatory registration for new members on tcmersch.lu

Training registration only via training@tcmersch.lu

IBAN LU21 0019 6055
7339 5000 BCEE
TENNIS CLUB MIERSCH
TCM COURTS & ARENA, 19,
rue des Prés L-7561 Miersch

DU WËLLS OCH MEMBER BEI ONS GINN, DA SINNH HEI DÉI NÉIDEG INFORMATIOUNEN:

MEMBERSHIP 2024-2025 (15.4.24 - 14.4.25):

Kanner & Jugendlecher (3-18 Joer) 30€

Studenten (>18 Joer) 45€

Erwuessener 110€

Famillen 200€

Éierememberen 25€

Kautioun pro Badge 40€

(soubal d'lwwerweisung agaang ass -> Zougangserlabnis)

SUMMER (1.5. - 30.9):

RESERVATIOUN TERRAIN (fir 60')

MEMBER + MEMBER -> GRATIS

MEMBER + NET-MEMBER -> 15 EUR

WANTER (1.10 - 30.4):

RESERVATIOUN TERRAIN (fir 60')

MEMBER + MEMBER -> 15 EUR

MEMBER + NET-MEMBER -> 25 EUR



lwwerweis ons w.g.l. de jeeweilege Montant op eise SPUERKEESS-Kont mat der Kommunikatioun: Bättrag + NUMM, wa Famill da w.g.l. d'NIMM vun deenen, déi nach matspillen.

IBAN LU21 0019 6055 7339 5000 BCEE TENNIS CLUB MERSCH oder ganz nei mat Payconiq iwwer folgend Telefonsnummer: (+352) 621 773 860

Soubal s du dech op onser Homepage enregistréiert hues an de jeeweilege Betrag bei eis um Kont ass, schalte mir dech direkt fräi an du kanns den Terrain reservéieren. Opgepasst, de Membersbättrag kanns du och mat Stripe & PayPal oder SumUp (am Clubhouse selwer) bezuelen.


Mir freeën ons, dech op der Tennisanlag ze begéinen!

Bass du bis Member bei ons, kanns du vun onsem „Tennis by night“ profitieeren. Dëst erméigleche mir dir säit 2023 mat enger LED-Luuchten-Installatioun. Nodeem s du bis op onse Felder bass, kanns du jee no Bedarf d'Luuchte schalten. Hei huet de Club eng ronn 25.000€ investéiert.



Am Mee 2021 hu mer ons misste Gedanke maachen, wat mer am kommende Wanter ënnerhuelen, fir ënnerdaach Tennis ze spillen. Schnell wor ons kloer, dass mir eng Traglufthalle iwwer zwee vun onse Felder bräichten. Et gouf vill gefuerscht a verschidden Ufroe gemaach. Schlussendlech si mer mat der Firma AIRTEC aus Däitschland an déi éischt Verhandlung gegetrueden an alles gouf méi konkreet. Wéi mer dunn Ufank Juni ons Gemeng iwwerzeege konnten, konnt de Projet Traglufthalle zu Miersch um Tennis starten.

Fir ee Kafpräis vun 169.416€ koum den Deal mat AIRTEC zustanen. Well de Veräin awer déi finanziell Moyenen net hat, gouf mat der Gemeng eng Conventioun ënnerschriwwen, dass si ons déi Sue virstrecken a mir de Montant an Tranchë vun engem Minimum vu jeeeweils 10.000€ pro Joer zeréckbezuelen. D'Gemeng selwer huet sech dann awer och um Projet bedeelegt mat engem Sponsoring vun 30.000€ an de sëllegen Aarbechte betreffend dem Uschloss un d'Fernwärme. Am August 2021 konnten dunn déi éischt Preparatiounen vun AIRTEC op onser Anlag gemaach ginn an am Oktober 2021 konnt ons Traglufthalle schlussendlech opgeriicht ginn. Sou kënne mer onsen Training de Wanter iwwer garantéieren an onse Memberen d'Méiglechkeet ginn, och am Wanter hirem Sport nozegoen. Aleng 2021/2022 an 2022/2023 hate mer pro Wanter iwwer 1800 Stonne Buchunge vu Memberen zousätzlech zum Training an onser Traglufthalle.









to  car
Arena

1980

Den 2.05.1980, mat der immenser Hëllef vun de Memberen an dem Comité, hunn déi eenzel Aarbechte vum Bau ugefaangen. Mat ronn 3 Milliounen ale Frang (75.000€), déi de Veräin selwer bezuelt huet, wor et deen éischte Veräin an der Gemeng, deen ouni Hëllef vun auswäerts, dëse Projet vun engem Club-house realiséiere konnt.



1981

Den 19.09.1981 wor et da souwäit an dat neit Clubhouse konnt ageweit gi mat, zu deem Zäitpunkt, 250 aktive Memberen.





Architectural floor plan of a building. The plan shows three rectangular rooms arranged horizontally. The leftmost room is outlined with a dashed line. The middle and right rooms are solid. Dimensions are provided in meters (m).

Overall Dimensions (Top):

- Segment 1: 4.85 m
- Segment 2: 10.92 m
- Segment 3: 2.45 m
- Segment 4: 2.45 m
- Segment 5: 10.92 m
- Segment 6: 3.10 m
- Segment 7: 10.92 m
- Segment 8: 2.10 m
- Segment 9: 10.92 m
- Segment 10: 2.45 m

Room Dimensions:

- Left Room (Dashed):** 4.85 m wide, 2.45 m high.
- Middle Room:** 10.92 m wide, 2.45 m high. Internal dimensions: 8.12 m (width), 2.10 m (height).
- Right Room:** 10.92 m wide, 2.45 m high. Internal dimensions: 8.12 m (width), 2.10 m (height).


Other Dimensions:

- Vertical distance between room centers: 2.10 m.
- Distance from left wall to middle room center: 4.85 m.
- Distance from middle room center to right wall: 2.45 m.

Ufank den Nonzegerjore goufen déi 3 Felder ganz à jour gesat, dëst mat vill Asaz vun de Memberen an dem Comité.



Wee kennt sech dann nach mat den ale Flouernimm aus a fënnt den Tennis op der Kaart erëm? Et wier nach sou munche Potenzial do gewiescht, fir méi Infrastrukture fir den Tennis ze bauen.






2018 wor et dann um Terrain 1 an 2 , déi e syntheeteschen Tapis kruten:



2006 sinn d'Häre vum Tennis Club Miersch an d'Nationaldivisioun opgestigen (Senior 1), wou se sech 2 Joer laang hale konnte mam Bleses Thomas als Kapitän, deen haut de Patron vun Tennis Solution ass a sou zum aktuellen Erfolleg vum Veräin bäidréit. Eng Éierung vun der Gemeng gouf et dann och. Natierlech ass dat den Dram vun all Veräin a wee weess, wou mer an e puer Joer stinn.



tomcar
drive your life.

Ons TCM-Kollektioun a aner flott Artikele ginn et an onsem Shop.



Onst Clubhouse ass e flotten Treffpunkt. De Summer iwwer begrüsst iech eng aluedend Terrass an all Donneschden invitéiere mir op onsen After-Work.





Champion 2023
Senior Hären



Vize-Champion 2023
Hären Ü35



Vize-Championne 2023
Dammen Ü35



lomcar
drive your life.

Agence immobilière
TOUSSAINT Abby
www.confiance.lu

BIOCLIM
STORES & PERGOLAS BIOCLIMATIQUES

AIRtec
TRAGLUFTHALLEN

Foyer

STEFFEN - ARENDT
Agence Principale d'Assurances
44, route de Luxembourg - L-4972 Dippach
Tél. : 26 37 04 79 - steffen-arendt@agencefoyer.lu

TotalEnergies

EIFFAGE
PERRARD

chapier
www.chapier.lu

prowin
international
By Joelle Scholtz



MOMA
schräinerei
KREATIV | QUALITÄT | EMPFANG

VITRERIE
de MERSCH

UVB
GALABAU

CHEZ BEN
Spécialités Asiatiques

TOITURES
ZANOTTI

La Passerelle

UVB
Universal-Bau

Boissons
Paul MANTERNACH

Gulf

SAN HE

CARROSSERIE
RoEMEN
KEHLEN/LUXEMBOURG

brasseriesimon
Specializing in Craft Beers

Flipperkeller

Fime.lu
Fiduciaire de Mersch

Inter Central
Pneu
Continental
The Future in Motion

Crèche
Villa Pan'au
- Mersch -
info@villa-panau.lu
www.panau.lu

ROOM
Luxembourg

GARAGE
KREMER

SCHMITZ MERSCH

électro-photo
schaal & fils
35, rue de la Chapelle
L-1220 Luxembourg
Tél. 02 22 14 14
Fax 02 22 14 15
email: info@schaal-fils.lu




TENNIS
SOLUTION
www.tennis-solution.com

matériaux
adam
www.baumaterial.lu

Alen-tuurm

MEDIABOX



TENNIS CLUB MERSCH

WWW.TCMERSCH.LU

